3. Juni 1949: Zusammenstoß auf der Escher Straße

Tankstellennetz verfügten, sich zwischen 1958 und 1972 verdoppelte. Hatten sich 1958 noch ganze 8 Gesellschaften 536 Tankstellen geteilt, so verfügten im Jahre 1972 bereits 19 Firmen über eine nicht wesentlich gestiegene Anzahl (649) von Verkaufspunkten. Gleichzeitig hatte das Verkaufsvolumen in etwas mehr als zehn Jahren von 120.000 Litern jährlich (1958) auf 260.000 Liter gesteigert werden können. Der gesamte nationale Kraftstoffbedarf freilich war in einem weit beeindruckenderen Maße angewachsen. Aus den 48.000 Tonnen von 1954 waren im Jahre 1971 bereits deren 171.000 geworden. In anderen Worten: alle acht Jahre verdoppelte sich der Verbrauch! (vgl.: *Ries* 1973, 15ff.)

Verkehrsinfarkt und Parkplatznot

In den siebziger Jahren begann sich bereits der für die automobile Entfesselung zu zahlende Preis abzuzeichnen: Verkehrsinfarkt und Parkplatznot wurden allmählich zu Mahnworten, denen wir auch heute noch so gut wie machtlos gegenüberstehen.

Im Jahre 1972 fuhren auf unserem Straßennetz, welches sich innerhalb eines Jahrzehnts kaum verändert hatte, 128.000 Fahrzeuge. Den 4.683 Straßenkilometern aus dem Jahr 1962 standen 1970 kaum 4.979 km

Ménage à trois

D'Eise vum Bréckeglänner war nach wotelech, well d'Sonn hat de ganzen Dag iwwer ferrem gewiermt. Eng Eiwegkeet war ech net méi hei ënne gewiescht. An op en Hoer hätt ech ganz vergiess, wéi schéin et konnt sinn, dem Bréisseler oder dem Paräisser Schnellzuch nozekucken, wann e lues verschwonnen ass an der Fär. Et war roueg am Dräieck haut den Owend. Just e puer Kanner hunn an dër Strooss gespillt, a vu wäitem huet en Hond gebillt. D'Sonn stoung elo iwwert der schwaarzer Bréck. All owes ëm déi Zäit stoung se do. Doru konnt ech méch erënneren, wéi wann et gëscht gewiescht wir. Si war bluttrout an d'Hollerecher Gare kaum nach erëm ze erkennen am Contrejour. Vun der Zwillengsbréck aus konnt ech op méngem Papp säi fréieren Atelier gesinn. "Autos Peinture" stoung a grousse roude Buschtawen iwwert der Paart, mee d'Schrëft war verblatzt.

Mäi Papp ass Carrossier gewiescht. An der Haaptsaach huet en Autoe gesprëtzt. Als Bouf hunn ech alt emol dra spillen dierfen, mëttes no der Schoul oder an der Vakanz. Ausser an deem enge ganz hannen am Eck. Dee war tabu. Eng al Camionsbâche louch driwwer, a wéi ech eng Kéier drënner luusse wollt, do wir mäi Papp op en Hoer aus dër Këscht gesprong vu Roserei. Richteg aus dem Haische war en. Focksspannewëll huet e méch heem gedemmt. A vun do un hunn ech e Bou ëm di faméis Bâche hannen am Atelier gemaach. Bis de Charel se enges gudden Dags erof gerappt huet.

De Charel war méngem Papp säi beschte Frënd. En hat séngem Monni säin Ueleggrousshandel an der Hollerecher Strooss geierwt, a se soten, datt kee Rack vrun him sécher wir. Mee wat mir méi wichteg war: en hat di éischt Ferrari wäit a breet. Et war en däischterbloen, décapotablen Zweesëtzer. De Charel hat en als Occasioun zu Bréissel kaaft, an 't waren dër, déi soten, et wir dem belsche Kinnek säi gewiescht. D'hallef Strooss ass zesumme gelaf, all Kéiers, wann e vrum Atelier houl. De Charel ass ëmmer nëmmen dann opgekräizt, wa séng Ferrari alt erëm net esou richteg wollt, well di dräi duebel Weber-Vergaser anzestelle, war nach laang net jidferengem sénges. Chirurge-Fangeren huet een dofir missen hunn.

"Maach de Capot emol op", dat war alles, wat mäi Papp gesot huet, wann de Charel alt neess eng Kéier vrun der Ateliersdir houl. Mat enger eeschter Minn huet en de Kapp iwwert den Zwielefzylinder gebéckt. "Gëff Gas", sot en, a gläichzäiteg huet en un der Stellschrauw vum



1957 Foto: Théo Mey

gegenüber. Damit war die automobile Dichte je Quadratkilometer von 33 Fahrzeugen im Jahr 1965 auf nunmehr 50 angestiegen. Um ein Vielfaches höher fiel diese Dichte natürlich auf dem Gebiet der Stadt Luxemburg aus. Am 1. Januar 1972 wurden hier 372 Autos je 1.000 Einwohner gezählt, während der Landesdurchschnitt bei 296 Einheiten lag. (vgl: *Ries* 1973, 56.) Da es keinerlei Umgehungsstraßen gab, drohten die innerstädtischen Boulevards und Avenuen im Transitverkehr zu ersticken. 30.000 Fahrzeuge passierten täglich den Boulevard Royal. An Knotenpunkten wie der Arloner oder der Escher Straße wurden 18.000 bzw. 17.000 Einheiten gezählt. Bereits 1970 war der von vielen Experten als Schicksalsschwelle angesehene Wert von 2,7 Einwohnern je Pkw in der Hauptstadt erreicht worden. (vgl.: *Ries* 1973, 58.) Von nun an sollten Begriffe wie *ceinture, contournement, rocade* oder auch *pénétrante* aus unserem Sprachgebrauch nicht mehr wegzudenken sein. Doch dies ist eine andere Geschichte. Und sie reicht bis in die unmittelbare Gegenwart hinein.

Jean-Paul Hoffmann

Pierre Bertogne

Ralenti gedréint. Een nom aneren, mat enger Engelsgedold, huet en di dräi déck Weberen agestallt. Kaum méi wi eng Hallefstonn huet dee Spaass gedauert, an zum Schluss huet dem Charel séng Ferrari gesonge wéi eng Nuechtegailchen. Dono huet mäi Papp séch all Kéiers hannert d'Steier gesat, a mat Vollgas si mer e puermol de Prënzerwee op an of geblosen. "Elo geet en", sot en um Enn an ass, ouni eng Minn ze verzéien, zréck an den Atelier gaang.

Eier ech méch emsinn hat, louch d'Bâche erof deemols. "Hei", sot de Charel an huet gegrinst. "Du wéisst jo esou gär, wat drënner ass." Ech koum mer es net zou. Eng Bugatti! "Domadde sinn ech mat déngem Papp zesummen zu Spa gefuer", sot de Charel nach, éier en d'Bâche erëm huerteg driwwer gezunn huet. Mee dat riisegt Lach am Carter hat ech nawell erbléckst. Wéi eng Fauscht esou déck war et. Datt se gewonnen hätte soss, huet de Charel zum Schluss gemengt. An du goufe mer ënnerbrach, well mäi Papp huet vun dobausse geruff.

D'Eise vum Glänner ass lues a lues ofgekillt, an d'Sonn goung fir zerguddst ënner hannert der Hollerecher Gare. De längelzeche Schied vun der schwaarzer Bréck war dat eenzegt, wat um Enn nach iwwreg blouf.

Ech koum grad aus der Schoul deemols. D'Kichendir stoung op, a mäi Papp hat méng Schwëster em d'Taille. Gegeckst hu se a gelaacht, grad wéi wa se eppes gedronk hätten. Wou d'Mamm wir, wollt ech wëssen, a wéi se méng Stëmm héieren hunn, si se allebéid zesummegefuer. Datt en zréck an den Atelier misst, huet mäi Papp gemengt. Dem Anita säi Chignon war lass gaangen, an en décke Putsch Hoer houng ëm bis an d'Stir.

"De Charel hat dech ënner d'Bâche kucke gelooss, deemols, gell?" sot mäi Papp no Joren eng Kéier um Heemwee. Ech krut kee Wuert eraus, sou erféiert war ech. "Wann hee nët gewiescht wir," sot e weider, "dann hätte mer gewonnen. Mee heen huet jo alles misse kapott maachen." Mäi Papp war mëtten op der Bréck stoebliwwen. Vu wäitem konnt een de Bréisseler Schnellzuch gesi kommen.

"D'Anita? Ass hatt éieren...?" E puermol hunn ech ugesat, mee d'Wierder bloufe mer am Hals stiechen.

"Dem Charel konnt kee widderstoe", sot mäi Papp. "Och déng Mamm net."

Ech hu spire kënne, wéi säi Bléck ëmmer nach um Bréisseler Schnellzuch houng. D'Eise vum Glänner war kaum nach wotelech, an ech hunn et esou fest ugepaakt wéi nach ni.

"Wat se wiirklech wëllen", sot mäi Papp ganz lues ewéi fir séch, "dat hunn ech ni verstan. Bis haut net."

"Wien?" wollt ech wëssen, wéi ech mech e bëssen erëm hat.

"D'Fraleit", sot mäi Papp no enger Weil, an en huet elo an d'Eidelt gekuckt, well den Zuch war längst hannert der Kéier verschwonnen.

Martin Clerc